Nieft der Gratuitéit féiere mir mam neie Gesetz awer och e Plafong fir d'Aschreiwungsfraisen (Minerval) an de Museksschoulen a Conservatoiren an, fir sämtlech Schüler a Coursen, déi net ënnert d'Gratuitéit falen. Hei wëlle mir déi aktuell zum Deel ganz ënnerschiddlech Tarif-Strukturen an den eenzelne Gemenge méi no beieneebréngen. Mam neie Gesetz kascht 1 Cours pro Schüler a pro Schouljoer domadder maximal 100 Euro.

Fir awer och hei den Eltere finanziell zur Säit ze stoen, adaptéiere mir des Weideren eise Subside au minerval, wou d'Elteren kënnen ënnert verschiddene Konditiounen hir Aschreiwungsfraise vum Ministère zeréckbezuelt kréien. Am Moment ass dat just méiglech fir Kanner bis 14 Joer, dofir setze mir den Alter op 18 Joer erop, a mir féieren zousätzlech eng Staffelung beim Akommes vun den Elteren an, fir dass an Zukunft méi Elteren op dëse Subside kënnen zeréckgräifen. Et ass mir wichteg, dass all Kand an de Genoss vun engem héichwäertege Museksunterrecht ka kommen.

Verschiddentlech gëtt gefaart, dass d'Gratuitéit zu enger Aart "Kannerbetreiung" an de Museksschoule kéint féieren. Wéi gesitt Dir dat?

Claude Meisch: Dat fäerten ech éierlech gesot net, well ech net mengen, dass Elteren hiert Kand fir d'Zäit vun engem Musekscours aus der Betreiungsstruktur eraushuelen, just well de Cours an der Museksschoul gratis ass. Donieft plange mir jo och d'gratis Kannerbetreiung wärend der Schoulzäit anzeféieren, deemno gëllt d'Argument vun der Gratuitéit an der Museksschoul sécherlech net. Doriwwer eraus erhoffen ech mir awer, dass mir mat der Gratuitéit nach méi Kanner an de Museksunterrecht kréien, well d'Kanner vun haut sinn an e puer Joer déijéineg, déi eis kulturell Vilfalt am Land ausmaachen a garantéieren, sief dat an de Musek- oder Gesangveräiner, oder an den Danz- a Folklorgruppen.

Well d'Schülerzuel stänneg wiisst, brauche mir an den nächste Jore vill nei Enseignanten, och bedéngt doduerch dass eng Partie wäerten altersbedéngt an d'Pensioun goen.

Ee wichtege Punkt ass, ee gutt ausgebilt Personal ze hunn. De Profil huet sech iwwert d'Jore staark geännert. Mir sichen net nëmme Leit mat enger musikalescher Ausbildung, mee mir brauche Leit, déi nieft enger pedagogescher Ausbildung och polyvalent sinn, op Projeten a Stagë matschaffen, an déi och eist besonnescht Kulturliewen hei zu Lëtzebuerg mam intensive Veräinsliewe kennen.

Dir féiert mam Gesetzesprojet eng nei Bachelor-Carrière fir d'Enseignanten an. Ënnert Ärem Impuls als Héichschoulminister ass vun dëser Rentrée un och en neie Bachelorstudiegang op der Uni Lëtzebuerg en place gesat ginn, de Bachelor en enseignement musical. Kënnt Dir eis dozou méi Informatioune ginn an och zum Profil vum Enseignant?

Claude Meisch: Jo, ab dëser Rentrée leeft deen neie Bachelorprogramm op der Uni Lëtzebuerg, an Zesummenaarbecht mat den dräi Conservatoiren. Et war mir ganz wichteg, d'Conservatoiren un dësem Bachelorprogramm ze associéieren, mat hirer grousser Fachkompetenz an Knowhow an deem dach spezifesche Beräich vum Enseignement musical. Déi Studenten, déi hire Bachelor op der Uni.lu maachen, kréie wärend hirem ganze Studium Ableck an dat wat hei zu Lëtzebuerg am Muséksunterrecht gemaach gëtt, a ginn, nieft dem pedagogesch a fachdidaktesche Volet, och mam System familiariséiert, esou dass déi Leit mam Bachelor an der Täsch beschtméiglech op hir Aarbecht als Enseignant an enger Museksschoul oder Conservatoire virbereet ginn.

Dir hutt et gesot, d'Schülerzuele ginn all Joer erop, an et ginn och ëmmer erëm nei Enseignantë gebraucht, déi am beschten optimal op de Beruff vum Enseignant ausgebilt a preparéiert sinn. Do wäert den neie Bachelorprogramm sécherlech de Gemengen oder Schoulen eng grouss Hëllef sinn, fir Enseignanten ze rekrutéieren.

D'Weiderbildung vun den Enseignanten ass e ganz wichtegen Punkt, och hei wëlle mir nei an zousätzlech Méiglechkeete bidden, an zwar wëlle mir en Deel vun de Formatiounen, déi eisen Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) ubitt, fir dës Enseignanten accessibel maachen, esouwéi och spezifesch Formatiounen duerch den IFEN ubidden. Eng gutt Aus- a Weiderbildung vun den Enseignanten ass de Garant fir déi héich Qualitéit ze halen an och an der Zukunft kënnen ze garantéieren.

Wéi Dir richteg sot, féiere mir mam neie Gesetz och eng "regulär" Bachelorcarrière an. Dës wäert an der Zukunft déi sougenannte Carrière-type ginn, natierlech nieft der besteeënder Carrière vun de Professeren an de Conservatoiren. Verschidden Ongereimtheete betreffend d'Carrièrë vun den

Enseignanten, déi zanter Jore bestanen hunn, raume mir, zesumme mam Innenministère, dee fir d'Carrièrë responsabel ass, och definitiv mam neie Gesetz aus dem Wee. Alles an allem gëtt d'Carrière vum Enseignant duerch dat neit Gesetz revaloriséiert an däitlech verbessert.

Den Enseignement musical stellt e grousse Käschtepunkt fir d'Gemengen an och de Staat duer. Et ass allerdéngs eng wichteg Investitioun an eis Jugend, Kultur an d'gesellschaftlecht Liewen hei zu Lëtzebuerg. Och gëtt a ville Gemengen an d'Infrastruktur investéiert. Wat ännert sech fir d'Gemengen an de Staat um finanzielle Plang mam neie Gesetz?

Claude Meisch: Ech hu vun Ufank un ëmmer gesot, dass ech den aktuelle Prinzip vun der Participation financière vum Staat wéilt mam neie Gesetz grondleeënd reforméieren, an de Gemengen eng finanziell Planungssécherheet wéilt bidden. Bis elo huet de Staat järlech e plafonnéierte Montant zur Verfügung gestallt, deen dann unhand vun der Minuttenzuel landeswäit ënnert de Gemengen opgedeelt gouf. De Kuch ass quasi dee selwechte bliwwen an et souzen ëmmer méi Leit um Dësch. Wat awer kloer den Nodeel huet, dass wann an der Nopeschgemeng vun engem Joer op dat anert méi Coursen ugebuede ginn, bei mir an der Gemeng awer net, kréien ech schlussendlech manner Sue vum Staat wéi dat Joer virdrun. Da gesäit d'Gesetz vun 1998 och nach dräi verschidde Koeffizienter vir, jee no Klassifizéierung vun der Schoul, esou gëtt aktuell bei de Gemengen déi als "Cours de musique" fonctionéieren de Koeffizient vun 0,8 applizéiert (wat bedeit, dass dës Gemenge bei 100 Minutte Cours just 80 Minutte consideréiert kréien), bei deenen déi als "École de musique" fonctionéieren, de Koeffizient vun 1,0 applizéiert, a bei de Conservatoiren de Koeffizient vun 1,2 applizéiert. Dëst bedeit, dass zum Beispill dee selwechte Cours aktuell ënnerschiddlech vum Staat finanziell ënnerstëtzt gëtt, ofhängeg vum jeeweilege Koeffizient.

Dës, a mengen Aen, grouss Ongerechtegkeet, schaffe mir mam neie Gesetz definitiv of. Esou hu mir virgesinn, dass sämtlech Gemenge fir dee selwechte Cours och dat selwecht solle kréien. De plafonéierte Montant schafe mir och of, an hunn eng Finanzéierung op Basis vun der Minuttenzuel geplangt, mat engem Taux pro Minutt. Wat bedeit, dass wann d'Minuttenzuel an der Nopeschgemeng eropgeet, geet och d'Participation financière vum Staat erop, allerdéngs ouni dass eng aner Gemeng doduerch manner Sue kritt. Dësen Novum bitt de Gemengeverantwortlechen déi finanziell Planungssécherheet, déi et an Zukunft all Gemeng erlaabt, ganz transparent hiren Enseignement musical ze plangen.

Donieft kréien d'Gemengen nach zwee zousätzlech Montante pro Minutt vum Staat bezuelt, deen een als Kompensatioun fir d'Gratutiéit, déi mir aféieren, a wou d'Gemengen an der Zukunft keng Aschreiwungsfraise méi däerfe froen, an deen aneren als Kompensatioun fir de plafonéierte Minerval, dee mir festleeën. Et ass kloer, dass dës zwou Mesuren, déi mir als Regierung decidéiert hunn, net zu Laaschte vun de Gemenge ginn, mee vum Staat finanzéiert ginn.

Wou mir net hu missen op en neit Gesetz waarden, war bei eiser finanzieller Ënnerstëtzung fir d'Gemengen, déi an hir Infrastruktur investéiere fir d'Besoine vum Enseignement musical. Mir hunn d'Base légale vun eisem Fonds spécial pour le financement des infrastructures schonn op den 1.1.2020 ugepasst, fir dass mir och d'kommunal Infrastrukture fir den Enseignement musical iwwert dëse Fonds subsidiéiere kënnen. Aktuell bedeelege mir eis mat 25 % un den Infrastrukturkäschten, virdu waren et bis maximal 15 %. Mir krute schonn eng ganz Partie Dossiere vu Gemengen eran, déi all positiv aviséiert goufen.

Et ass ee groussen Defi, fir all dës Informatiounen, déi néideg si fir de Finanzement och auszebezuelen, beieneenzekréien. Hei si jo vill Acteuren am Spill, notamment de Staat, d'Gemengen, d'Museksschoulen, d'Enseignanten, d'Schüler an d'Elteren. Wéi hutt Dir wëlles, deen Defi unzegoen?

Claude Meisch: Mir hunn am Gesetzesprojet en Outil informatique virgesinn, dee vun eisem eegene Centre informatique, dem CGIE, entwéckelt gëtt, an de Gemengen a Schoulen zur Verfügung gestallt gëtt. Mir mussen als Ministère op en informatesche System kënnen zeréckgräifen, deen et eis erméiglecht, informatesch ze definéieren, wat all Joer als Budget muss virgesi ginn, an deen eis och informatesch de Subside pro Gemeng ausrechent. Fir dass dësen Outil ka fonctionéieren, mussen d'Gemenge respektiv hir Museksschoulen, sämtlech relevant an néideg Donnéeë betreffend hir Schoulorganisatioun an dësem neie System enregistréieren an och validéieren. Dëst alles wäert eng ganz grouss Simplification administrative mat sech bréngen, well bis elo dës Donnéeën alleguer manuell hu missen a Fichieren agedroe ginn, wat e ganz groussen Zäitopwand fir d'Gemengen an d'Schoulen duerstellt. Donieft gestalte mir de System esou, dass d'Schoulen och nach aner intern Prozeduren iwwert dëse System verwalte kënnen. Et soll e System ginn, deen de Schoulen och den Alldag ka vereinfachen.

Dir hutt ee Kader fir d'Zesummenaarbecht tëscht der Grondschoul an der Museksschoul geschaf. Dës Collaboratioune gi säit 2019 ganz aktiv duerch Äre Ministère geförderd an ënnerstëtzt. Ass et ugeduecht, dass se bestoen bleiwen, respektiv ausgebaut ginn?

Claude Meisch: Et goufen an der Vergaangenheet e puer vereenzelt Collaboratiounen uechter d'Land tëscht Grondschoulen a Museksschoulen. Et louch mir awer ganz staark um Häerz, fir dës Collaboratioune méi staark auszebauen an och transparent vu Säite vum Ministère aus ze kofinanzéieren. D'Collaboratioune sollen op kee Fall de Museksunterrecht an der Grondschoul ersetzen, an och net d'Coursen aus der Museksschoul, mee sollen eng complementaire Offer duerstellen, ugepasst un de jeeweilege Cycle vun der Grondschoul, a vu béide Säiten, der Grondschoul an der Museksschoul, ausgeschafft ginn. Dës Collaboratioune lafen ënnert der Form vu Projets pédagogiques, a sollen esouvill wéi méiglech Schüler et erlaben, e Kontakt zur Musek ze kréien. Am Schouljoer 2020/2021 hate mir Konventioune mat de jeeweilege Gemengen ënnerschriwwen, déi et iwwert 100 Klassen aus de Grondschoulen erlaabt hunn, fir wärend engem Trimester vun engem Projet pédagogique mat enger Museksschoul ze profitéieren. Fir dëst Schouljoer kommen eng ronn 80 Klassen uechter d'Land nei mat dobäi, esou dass mir dëst Schouljoer nach däitlech méi Kanner erreechen.

Ab dësem Schouljoer hu mir de Collaboratiounsmodell och op eis Kompetenzzentere wéi och op d'Classes spécialisées d'accueil de l'État ausgedeent. Et freet mech ganz besonnesch, dass och d'Schüler an dëse Strukture vun dësem Joer u kënne vun dëse flotte Projete profitéieren, an dat an insgesamt 18 Klassen. Ech sinn der Meenung, dass all Kand e Kontakt zur Musek soll kréien; d'Collaboratiounsmodeller, déi tëscht mengen eenzelne Servicer am Ministère ausgeschafft goufen, förderen an ënnerstëtzen genau dëst.

"Musek verbënnt, vermëttelt Wäerter an ass ee wichtege Facteur an eiser dach mouvementéierter Zäit." Ginn et speziell Iddien oder Visiounen, déi Iech um Häerz leien am Museksunterrecht?

Claude Meisch: Ech wëll de Museksunterrecht zu engem ganz wichtege Pilier an eiser Bildungslandschaft festegen, wou esou vill wéi méiglech Kanner a Jugendlecher vun der breetgefächerter Offer profitéiere kënnen, sief et am Beräich vun der Musek, dem Danz oder den Arts de la parole. Et ass bewisen, dass Kanner hir kognitiv Fäegkeeten duerch d'Musek verbessere kënnen, an dofir wëll ech, dass all Kand sech soll kënnen an enger Museksschoul oder engem Conservatoire aschreiwen, onofhängeg vun der finanzieller Situatioun vu senger Famill.

Villmools Merci Här Meisch fir dat flott Gespréich. Mir soen Iech Merci fir Äert grousst Engagement fir de Museksunterrecht an Ärem Intressi un der Förderung vun der musikalescher Zukunft vun eise Kanner a Jugendlechen.

Den Interview gouf gefouert vum Paul Scholer, Direkter vun der UGDA Museksschoul.

Méi Informatiounen iwwert de Gesetzesprojet fannt Dir um Site vum Educatiounsministère:

http://edulink.lu/wl61

21 juin 2021 dans tout le pays et ONLINE

Fête de la Musique 2021

Text : **Fränk WAGNER** | Photos: **Apart-TV • Baris KAYA**

Comme en 2020, l'Union Grand-Duc Adolphe et l'École de Musique de l'UGDA ont organisé, dans le cadre de l'édition 2021 de la Fête de la Musique, un flashmob regroupant différentes sociétés de musique, des enseignants et leurs élèves mais aussi d'autres musiciens motivés qui se sont réunis à différents endroits à travers le pays pour faire de la musique ensemble.

Tim Kleren, musicien militaire et enseignant auprès de notre École, a composé pour cette occasion un morceau de musique intitulé « Smile ... It's Contagious ». Comme l'indique son titre, la composition fait référence à la pandémie d'un côté, mais incite en même temps les gens à rester optimistes de l'autre côté.

Afin de permettre à un maximum de musiciens intéressés à participer au flashmob, Tim Kleren a adapté le morceau pour différentes formations : HaFaBra (Harmonie, Fanfare et Brass Band) et différentes versions pour quatuors.

A 11h35, Claude Schlim, chef d'orchestre de l'Harmonie Eischen, a donné le coup d'envoi pour le flashmob en dirigeant les trois sociétés de musique de la commune de Habscht (Harmonie Eischen, Harmonie Hobscheid, Simmer Duerfmusék) à Eischen sur la Place Denn. Par diffusion live sur Facebook, les participants des autres communes ont pu suivre Claude Schlim en direct et commencer simultanément avec leur prestation musicale.

Ainsi, un grand nombre d'élèves et chargés de cours de l'Ecole de musique de l'UGDA ainsi que 13 sociétés de l'UGDA ont joué l'œuvre « Smile ... It's Contagious » dans 25 différentes communes à travers le pays tout en respectant strictement les mesures sanitaires en vigueur.

Flashmob, 21 juin 2021 (Steinsel)

Nous souhaitons remercier ces derniers pour leur discipline, enthousiasme et participation à notre flashmob :

Bech (Bech-Berbuerger Musek A.S.B.L.), Bertrange (Just Music A.S.B.L.), École de Musique du Canton de Clervaux, Contern (Harmonie Moutfort-Medingen A.S.B.L.), Ehlerange (Harmonie Eilereng A.S.B.L.), Feulen (Fanfare Feulen), Habscht (Harmonie Eischen, Harmonie Hobscheid et Simmer Duerfmusék), Hellange (Société de musique « La Lyre » Hellange), Hesperange, Lintgen (Fanfare Lintgen A.S.B.L.), Mensdorf, Reckange/Mess (Reckenger Musek A.S.B.L.), Regional Musekschoul Uelzechtdall (Lintgen, Lorentzweiler, Mersch, Steinsel, Walferdange), Regional Musekschoul Westen (Garnich, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer, Strassen) Sandweiler (Fanfare Sandweiler A.S.B.L.), Schuttrange, (Harmonie de la Commune de Schuttrange & Schoetter Jongble'ser), Stadtbredimus, Waldbredimus (Trentenger Musek A.S.B.L.).

Un grand merci également à Apart TV qui ont filmé le flashmob à Eischen et à RTL pour leur reportage au journal télévisé.

Parallèlement, le flashmob a été accompagné cette année par une deuxième activité ONLINE, sous le titre « De Sport » (medley de différentes mélodies luxembourgeoises arrangé par Georges Urwald) par les classes de chant choral pour enfants de l'École.

Les élèves des classes de chant choral d'une dizaine de communes ont participé à un projet de chorale virtuelle dont le but a été de créer une vidéo regroupant les enregistrements du medley « De Sport » des élèves de différents classes. La vidéo a été lancée le 20 juin sur la chaîne YouTube de l'École dans le cadre de la Fête de la Musique. Merci à notre enseignant Jeff Mack pour la coordination de ce projet online et aux classes de chant choral des communes de Bertrange, Frisange, Habscht, Harlange, Kehlen, Kopstal, Lorentzweiler, Mondercange, Walferdange, et EMCC (Munshausen) pour leur participation.

Fête de la Musique 2021: Flashmob - "Smile... It's Contagious" by Tim Kleren

"De Sport", medley de différentes mélodies luxembourgeoises (arr. Georges Urwald)

2 au 12 juillet 2021

Musical Storytelling - Classical music meets Hip-Hop

Text : **Yves POPOW** | Fotoen : **Yves POPOW**

Musical Storytelling, ee Crossover-Projet ënnert dem Slogan Classical Music meets Hip-Hop, huet vum 2. bis 12. Juli zu München stattfonnt. Fir Lëtzebuerg ware bei dësem flotte Projet d'Julie Colin an d'Sally Nickels op der Querflütt an den Yves Popow als Team Leader vertrueden.

13 Museker aus Litauen, Lëtzebuerg a Nordmazedonien koumen an der bayrescher Haaptstad zesummen fir ze musizéieren. Coronabedéngt war et fir di meeschte vun hinnen deen éischte Projet, respektiv Optrëtt, säit annerhallwem Joer.

D'Integratioun steet bei dësem Projet ganz grouss am Mëttelpunkt. Klassesch ausgebilte Museker a Popmuseker hu sech misse mat hiren Instrumenter am Hip-Hop Style zurecht fannen. Gerappt hu Flüchtlingen aus Liberia a Senegal, déi an de Projet mat agebonne goufen.

Musical Storytelling, aus dem Engleschen iwwersat heescht: 'et geet drëms eng Geschicht a Form vun engem Lidd musikalesch duerzestellen', sief et mat Gesang oder mat Rap.

No 3 intensive Proufdeeg stoung ee ganz variéierte musikalesche Programm vu 60 Minutte fest. Dorënner e puer klassesch interpretéiert Wierker vum Astor Piazzolla oder der franséischer Sängerin Zaz, an och Lidder aus dem Hip-Hop Repertoire wéi Gangsta's Paradise vum amerikanesche Rapper Coolio oder eegene Kompositiounen vun de Rapper.

3 Concerte goufen am Ganzen zu München gespillt, een dovunner am Bellevue di Monaco

lalux ASSURANCES

Une visite surprise dans votre habitation ?

DON'T WORRY

be happy

easyPROTECT | **HABITATION**

17. – 23. Juli 2021

Musekswoch Mariendall

Text : **Michelle VAN DIJK** | Foto : **Michelle VAN DIJK**

Musik macht Freu(n)de!

Am 17. Juli ist es endlich wieder so weit: die «Musekswoch Mariendall» ist die erste Musikfreizeit, in Zusammenarbeit mit der UGDA-Musikschule und dem Service National de la Jeunesse, die wieder nach anderthalb Jahren stattfinden darf. Die Vorfreude ist riesig. Die Animateure und einige der Lehrbeauftragten treffen schon am Vorabend ein, um die letzten Details zu besprechen.

Als samstags um 9.00 Uhr die ersten Teilnehmer ankommen, bemerkt man sofort wieder, trotz Maske, die übliche Freude und Neugierde in den Augen der Kinder. Einige von ihnen kennen schon verschiedene andere Teilnehmer, andere wiederum kommen zum ersten Mal und sind deswegen etwas schüchtern und noch aufgeregter als die anderen.

Während die mitgebrachten Dokumente, wie negatives PCR-Resultat, ärztlicher Fragebogen usw. überprüft werden und einigen besorgten Eltern versichert wird, dass ihre Kinder die ganze Woche bestens betreut werden, müssen sich die Teilnehmer noch einem Covid Schnelltest unterziehen. Dies verläuft sehr diszipliniert und problemlos.

Nachdem alle 46 Teilnehmer in ihren Zimmern untergebracht sind, folgt eine kleine Begrüssung und dann geht es endlich los mit den ersten Instrumentalproben.

Nach dem Mittagessen gehen die Teilnehmer abwechselnd in 3 Gruppen zum Tanzen, Chorsingen und Basteln. Am späten Nachmittag findet dann die grosse Orchesterprobe statt. Dieser Tagesablauf bleibt die ganze Woche mehr oder weniger gleich. Dank des herrlichen Wetters spielen sich die genannten Ateliers im Freien ab.

Da ein Ausflug mit Busfahrt, wie üblich, nicht möglich ist, werden Aktivitäten, basierend auf Teambuilding, auf dem Areal des Jugendzentrums im Marienthal selbst gebucht. Die Teilnehmer werden, je nach Alter, in 2 Gruppen aufgeteilt. Die ältere Gruppe kann ihre Grenzen und Ängste im Hochseilgarten entdecken und bewältigen. Die jüngere Gruppe lernt, mit Hilfe von verschiedenen Spielen, wie und was man erfolgreich in einem Team erreichen kann.

Highlight der abendlichen Animationen war sicher das «Casisco», eine Mischung aus Casino und Disco, am vorletzten Abend.

Da Corona bedingt kein Konzert stattfinden kann und kein Kamerateam von aussen in die «Blase» kommen soll, werden Kameras beim SNJ ausgeliehen und sämtliche Darbietungen von den Betreuern selbst gefilmt. Das Endresultat wird man sich demnächst auf dem YouTube Channel der UGDA-Musikschule anschauen können.

Durch das Ausfallen des Konzertes lief das Ende der «Musekswoch» natürlich anders als gewohnt ab. Doch wenn man beobachtet, wie die Kinder ihren Eltern voller Freude in die Arme laufen und gleich drauf losplappern was sie alles erlebt haben und im Nachhinein sogar einige Eltern liebe Danknachrichten schicken, spätestens dann weiß man, dass sich die ganze Arbeit und Energie gelohnt haben.

Schlussendlich geht es in dieser Woche nicht nur ums Proben an sich. Die Kinder lernen ein respektvolles und tolerantes Miteinander, ihre Grenzen und ihr Potenzial kennen, und vor allem neue Freundschaften schliessen. Das alles und noch vieles mehr führt dann schlussendlich zum Hauptziel dieser Musikfreizeiten: der Spaß und die Freude des gemeinsamen Musizierens.

Ein herzliches Dankeschön an alle motivierten und lieben Teilnehmer, denn ohne diese und das Vertrauen ihrer Eltern, kann keine «Musekswoch» stattfinden.

Nicht zu vergessen, das ganze Lehrbeauftragten- und Betreuerteam, ohne dessen vorbildliche Zusammenarbeit die «Musekswoch» nicht so gut funktioniert und nur halb so viel Spass gemacht hätte. Es waren dies: Stefano Sabbatini (Flöte), Amanda Jouck (Klarinette und Chor), Bernd Müller (Trompeten und Orchester), Alexander Daum (Tiefes Blech), Béa Picard (Perkussion), Michelle van Dijk (Saxophone und Leitung des Lehrgangs) und für die Animation: Laurent Agostino, Lara Becker, Jil Garson, Ken Louis, Macy Magar, Katrin Michels, Jessie Schintgen, Michel Weber.

5. bis 11. September 2021

Nywol Youth Wind Orchestra 2021

Text : **Tom BRAQUET** | Foto : **Viviane HEINEN • Tony ANDRICH**

Den National Youth Wind Orchestra Luxembourg forméiert sech am Prinzip all Joer, mee wei esou Villes ass och dëse feste Rendezvous am Kalenner vun de jonke motivéierte Museksschüler am Joer 2020 ausgefall. Esou war dee leschte Concert vum NYWOL de 05. August 2019 zu Belgium, um Site vum "American-Luxembourg Culture Center" am Wisconsin um Enn vun der Amerika/Kanada-Tour.

Leider konnt och dëst Joer déi programméiert Destinatioun a Spuenien wéinst de sanitäre Mesuren an deenen domadder verbonnene Contrainten net ugefuer ginn. Ganz nom Motto "Vakanz doheem" hutt den Orchester sech dunn vum 5. bis 11. September an der Jugendherberge zu Lëlz getraff.

Béi der Preparatioun vun dësem Stage wéi och sur place, huet d`Direktioun vun der Museksschoul vun der Union Grand-Duc Adolphe wéi och de Staff um Stage probéiert, am Respekt vun deenen aktuelle Mesuren, mat där gréisst méiglecher Normalitéit un des intensiv Woch erunzegoen.

Wärend nëmmen 2 Deeg hunn déi verschidden Enseignanten an de Chef an de Regesterprouwen déi verschidde Wierker geprouft, an nodeems d'Regesterprouwe fäerdeg waren ass probéiert gin déi Détailaarbecht an den Tuttiprouwen zesummen ze setzen.

Fir ganz vill Jonker war et dat éischt Orchesterspill säit iwwer engem Joer.

De Chef vum Orchester, François Schammo, huet mat sengem Kënnen a senger Energie déi Jonk mat gerappt, a wousst ëmmer erëm d'Zesummespill an de Klang ze verbesseren. Nieft ganz bekannten Arrangementer wei "Moment for Morricone" oder "80er Kult(Tour)" ass et och ëmmer ee ganz wichtegen Aspekt vun dësem Stage, original Blosmusekwierker ze spillen. Do hat de François Schammo ënnert anerem dat Wierk,"Der Magnetberg" vum Schwäizer Komponist Mario Bürki eraus gesicht. Schéin ze gesi war, dass déi Jonk sech och a punkto Stilistik an där kuerzer Zäit immens weider entwéckelt hunn.

Um Programm stoung awer och eng lëtzebuergesch Première. De Marsch "Dolomiti" vum Lëtzebuergesche Komponist a Frënd vum Orchester, dem Georges Sadeler. De Georges Sadeler huet beim internationale Kompositiouns Concours "Città di Allumiere" an Italien an der Kategorie "Concert Marsch" vu 45 ageschéckte Wierker, deen éischte Präis gewonnen an et war dem NYWOL eng besonnesch Freed dëse Marsch fir d'éischt zu Lëtzebuerg a Presenz vum Komponist kënnen opzeféieren.

Beim NYWOL ass et mëttlerweil och eng Traditioun, dass mer net nëmmen als Orchester optrieden, mee och als Chorale. D'Vanessa Lommer, Dirigentin vun eiser NYWOL-Chorale, huet et fäerdeg bruecht an deene puer Deeg aus 36 Museker eng Chorale ze formen, an där d'Homogenitéit wéi och Justesse op eng engem ganz héijen Niveau waren.

D'Freed endlech erëm ënner "quasi normalen" Bedingunge kennen ze prouwen an ze spille war eigentlech déi ganz Woch iwwer ze spieren an esou war déi logesch Konsequenz dass den Ofschlossconcert en Samschden 11. September zu Lëlz an der Sportshal ee groussen Erfolleg war. Ee spezielle Merci op dëser Platz un all Participante fir hier Disziplin an hiren Engagement. Den NYWOL-2021 hutt och dëst Joer erëm nei Frëndschafte geschloss an den "Vakanzestëps" ass no där Woch definitiv erausgeblosen.

De Staff vum Nywol 2021:
Tony Andrich, Philippe Schwartz, Bernd Müller, Alexander Daum, François Schammo, Vanessa Lommer, Yves Schumacher, Michelle van Dijk an Emmanuel Junk

D'UGDA a seng Musekssschoul soen der Gemeng Esch-Sauer e grousse Merci fir d'Zurverfügungstellung der Sportshal an d'Offréiere vum Éierewäin nom Concert, der Jugendherberg vu Lëlz fir déi gutt Collaboratioun, ewéi och dem Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse an dem Service national de la Jeunesse fir hier alljärlech Ënnerstëtzung fir ons Stagen a Kolonien.

Ee grousse Merci un all jonk Musekerinnen a Museker an dem ganzen Team!



STAGES ECHANGES FORMATIONS

Union Grand-Duc Adolphe
ugda
Ecole de Musique

INSCRIPTIONS
www.ugda.lu/ecole-de-musique
> Activités et Stages

STAGES NOVEMBRE 2021 AU FÉVRIER 2022

Stage	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
Zesumme sangen a musizéieren, sech beweegen an danzen	10 à 15 (16)	2.11. – 5.11.	Marienthal	60	SNJ	200 €
The Young Voices	8 à 12 13 à 20	3.11. – 6.11.	Munshausen	40	SNJ INECC	200 €
Les jeunes musiciens débutants	7 à 12	15.02. - 18.02.2022	Marienthal	60	SNJ	200 €
Let's sing and dance (Hip Hop)	8 à 12 13 à 18	16.02. - 19.02.2022	Hosingen	50	SNJ INECC	200 €

FORMATION NOVEMBRE 2021

Stage	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
Semaine de formation Animateur « BREVET B »	16 à 25	1.11. - 6.11.	Lultzhausen	20	SNJ	150 €
Formatiounsweekend „Danz an Hip Hop op der Kolonie»	≥ 16	20.11. - 21.11.	Marienthal	20	SNJ	56 €

CONCOURS 2021

Concours	Âge	Dates	Lieu	Nbre	Partenaires	Frais
37e Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes et Concours Européen	< 27 ans	14.11.2021	Conservatoire de la Ville de Luxembourg		CVL	32 € solo 16 € par membre du groupe

Les stages et formations sont organisés dans le respect des mesures sanitaires arrêtées par la Direction de la Santé et le SNJ et dépendent de l'évolution de la crise sanitaire liée à la COVID-19.

Avec le soutien de

Avec le soutien financier du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

snj Service National de la Jeunesse

lalux ASSURANCES

Co-funded by the Erasmus+ Programme of the European Union

Union Grand-Duc Adolphe

Ecole de Musique
Concours Jeunes Solistes

37e Concours luxembourgeois pour Jeunes Solistes (report de l'édition 2020)

Vents • Piano • Musique de Chambre

European Competition

Strings • Chamber music (Strings)

Dimanche, 14 novembre 2021
Conservatoire de la Ville de Luxembourg

Épreuves publiques: 9:00 - 17:00
Concert de clôture: 17:30

Avec le soutien financier du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

CONSERVATOIRE DE LA VILLE DE LUXEMBOURG

VILLE DE LUXEMBOURG

SACEM Luxembourg

emcy

Mir maache Musek



D'Ziler vu **Mir maache Musek :**

- Lidder no Gehéier léieren.
- Dës Melodie sinn den Ausgangspunkt, fir am Weideren den Takt, d'Rhythmen an
- d'solmiséiert Intervallen an Akkorde mat de Virzeechen intonéieren ze léieren.
- Mat dëse Fäegkeeten, d'Nouteschrëft liesen, solmiséieren an interpretéiere léieren.
- Sech d'Klangbild vun der Nouteschrëft ënnerlech virstellen ze kënnen.
- D'musikalescht Gehéier ze forméieren.
- D'musikalescht Gediechtnes z'entwéckelen.
- Mat wäertvolle Melodien, de Schüler op dat Schéint ze leeden a säi musikalesche Goût ze kultivéieren.

All weidert Unterrechtsmatérial baut op dësem Fundament op !

D'Solfègeübunge sinn an den éischte Bicher allgemeng zimlech kuerz. Dat huet munch Virdeeler :

- De Schüler verléiert sech nët esou séier am Noutebild, wéi dat bei iwwerlaangen
- Übungen de Fall ka sinn.
- De Schüler verléiert net esou séier de Mut beim Léieren a Widderhuelt éischter séng Aufgaben.
- Et huet een d'Méiglechkeet, sech méi intensiv mat der Analys vum Noutebild ze beschäftegen, wat d'Opmierksamkeet vum Schüler op d'Noutebild leed an hien esou d'Méiglechkeet kritt, d'Bild vun der Nouteschrëft ze mémoriséieren.
- Et bleift Zäit, sech mat der **solmiséierter Intonatioun** vun den Intervallen, den Akkorden asw. ze beschäftegen. **Dëst ass d'zentral Aarbecht am Solfègecours !**
- An de Solfègelektioune gëtt dës Aarbecht an der Praxis, dem musikaleschen Deel, ugewant. Den ëmgedréinte Wee, eng Solfègelektioun sangen an dann hoffen, de Schüler léiert domat d'Nouteschrëft verstoen, ass net dee richtege Wee.
- Den Eenzelunterrecht ka gefleegt ginn.
- De Museksunterrecht ka vill méi variabel gemaach ginn.

Léopold Winandy
Februar 2017

D'Philosophie vun der Solfègekonzeptioun "Mir maache Musek"

*Dës Bicher sollen d'Basis vum Solfègeunterrecht sinn. Si bidden d'Méiglechkeet, d'**Intonatioun** vun den Intervallen an den Akkorde mat de Virzeechen ze léieren. Dës Fäegkeet ass d'Viraussetzung, d'Nouteschrëft ze verstoen, se erëm kënnen ze ginn, eng Lecture à vue a mam néidege Schreiftraining en Diktat ze maachen, also gehéiert Musek ze verstoen.*

Wéi schreift de Robert Schumann : *„**Du musst es so weit bringen, dass du eine Musik auf dem Papier verstehst**."*



Sämtlech Bicher aus der Série incl. "Formation Musicale 1-5" si bei der UGDA op Virbestellung ze kréien.

Tel. : 46 25 36-47 • direction@ugda.lu

Les Soirées Musicales de Bissen

Gemeng Biissen

Dimanche
le 17 octobre 2021

à 16h00
Église
St-Etienne Bissen

20

Récital Concert

Tenor, Trompete, Violoncello und **Orgel** im musikalischen Gespräch.

Nuancenreich und vielfältig gehen diese vier Solisten in verschiedenen Konstellationen aufeinander ein und spielen mit den jeweiligen Klangmöglichkeiten in einem stilistisch facettenreichen Programm der vom Barock bis zur Moderne reicht.

Solisten:
Marc Dostert, Kantor der Kathedrale
Anik Schwall, Cellistin bei den Solistes Européens
Adam Rixer, Solotrompeter des OPL
Maurice Clement, Titularorganist der Philharmonie

Werke u.a. von C.H. Biber, J.A.von Reutter, A. Marcello, Max Bruch, Robert Schumann, César Franck, Camille Saint-Saëns, Rolf Wallin, Corrado Maria Saglietti.

Marc Dostert

Annik Schwall

Adam Rixer

Maurice Clement

Régime CovidCheck
Prix d'entrées:
Adultes: 20 € | Jeunes ≤ 16 ans: 15 €

Réservations:
www.musicales-bissen.lu
leydoris@pt.lu | Tél.: 691 950 350

Danielle Roster :

Lou Koster - Komponieren in Luxemburg

Text : **Danielle ROSTER** | Fotos: **Archiv Lou Koster im CID Fraen an Gender**

Das Buch von Danielle Roster : Lou Koster – Komponieren in Luxemburg ist im Dezember erschienen, und zwar als Band 10 in der Reihe Europäische Komponistinnen im Verlag Böhlau (Vandenhoeck & Ruprecht Verlage).

Wie viele andere KünstlerInnen war auch Lou Koster hin- und hergerissen zwischen Heimatkunst und kosmopolitischer Mischkultur. Mit ihren Operetten und Männerchören in Luxemburgisch und ihren Märschen für Blasorchester wurzelte sie in der regionalen Musiktradition, mit ihren deutschen und französischen Liedern, ihrer Stummfilmmusik sowie ihren Orchesterwalzern, die sie in den 1930er Jahren für Radio Luxemburg komponierte, suchte sie Gehör bei einem internationalen Musikpublikum. Von der Avantgarde distanzierte sie sich, da ihr das Publikum und die Demokratisierung von Musik am Herzen lag. Das vorliegende Buch ist die erste Monografie zu Lou Koster und wirft zugleich Schlaglichter auf die weitgehend noch unerforschte Musikgeschichte

Danielle Roster studierte Musikwissenschaft und Kunstgeschichte in Salzburg. Seit 1992 arbeitet sie im CID | Fraen an Gender in Luxemburg. Dort ist sie verantwortlich für die Kultur- und Musikprojekte sowie -editionen, sie hat u.a. das Archiv Helen Buchholtz und das Archiv Lou Koster gegründet. Danielle Roster ist Mitglied des Institut grand-ducal – Section des arts et des lettres und hat bisher zahlreiche Veröffentlichungen zum Thema Komponistinnen, Musik und Gender herausgegeben. Für ihre Publikationen und Projekte zum Thema Komponistinnen in Luxemburg erhielt sie 2015 die Auszeichnung Chevalier de l'Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg.

Auszug aus dem Vorwort der beiden Herausgeberinnen der Reihe, Prof. Dr. Melanie Unseld und Prof. Dr. Annette Kreutziger-Herr:

„Als Musikhistorikerinnen war uns Luxemburg zunächst nicht als Land eingefallen, als wir eine Reihe planten, in der EUROPÄISCHE KOMPONISTINNEN ins Zentrum gerückt werden sollten. Luxemburg ist für die europäische Musikwissenschaft bislang ein weißer Fleck. Die deutschsprachige Enzyklopädie Musik in Geschichte und Gegenwart enthält keinen Eintrag dazu. Wo können wir über luxemburgische Musikgeschichte lesen, hören, nachdenken, lernen? Das ist der Außenblick. In der Begegnung mit Danielle Roster lernten wir den Innenblick kennen: Luxemburg als ein europäisches Land, das – sich seiner eigenen kulturellen Geschichte bewusst – Fragen nach luxemburgischer Identität stellt, das sich auf den Weg macht, die eigene Geschichte zu beforschen, auch die Musikgeschichte. Dass dabei zwei Komponistinnen von Beginn an prominent im Zentrum standen, Helen Buchholtz und Lou Koster, war eindrucksvoll. Zugleich wurde deutlich, dass sich die Perspektive auf das Geschlecht hier unmittelbar mit anderen Perspektiven überkreuzte: Perspektiven auf Klasse und Nation, Sprache(n), Identität(en) und Generation(en), aber auch auf Medialität, Funktionalität bzw. Autonomie von Musik, Avantgarden u.a.m. Damit rückt Luxemburg mit seiner so besonderen, bislang zumindest wenig beachteten Musikgeschichte mitten hinein in europäische Diskurse der Zeit: die Kontroversen der Avantgarde und ihrem Publikum, Fragen der Medialität von Musik (Filmmusik, Radio etc.), Funktionalisierung von Musik im politischen Diskurs, Fragen von „Mischkulturen" u.v.m. Aus dem marginal scheinenden Thema – eine luxemburgische Komponistin – wird auf diese Weise ein Denk-Knotenpunkt europäischer Musikgeschichte. Das Buch greift daher auch mitten hinein in diese Diskurse und verwandelt sich so von einer Biographie über die Komponistin Lou Koster zu einem facettenreichen Rundumblick über europäisch-luxemburgische Musikgeschichte."

Danielle ROSTER: Lou Koster Komponieren in Luxemburg. Reihe: Europäische Komponistinnen Band 10. Köln: Böhlau Verlag, Verlagsgruppe Vandenhoeck & Ruprecht Verlage, 2019. ISBN: 978-3-412-51406-8. https://www.vandenhoeck-ruprecht-verlage.com/lou-koster?number=BVK0013584

Union Grand-Duc Adolphe

Greiweldenger MUSEK

Oppe Prouf

18. Oktober 2021 ab 19h45

COVID check.lu

- MUSIKANT*INNEN GESICHT -

Mir sinn eng lëschteg Equipe mat enger Altersmoyenne vu 35 Joer an op der Sich no néie Musikantinnen a Musikanten.

Mir siche besonnesch Verstäerkung op der Perkussioun an am décke Blech.

All aner Musikanten sinn natierlech och häerzlech Wëllkomm. Mir prouwen Méindes Owes vun 19:30 bis 21:15 Auer zu Greiweldeng am Centre Culturel.

Tel. 621 273 064 / Email: comite@greiweldengermusek.lu

www.greiweldengermusek.lu

CENTRE ECOLOGIQUE ET TOURISTIQUE PARC HOUSEN

SISPOLO PARC HOUSEN

Déi ideal Platz fir ären nächste Museksstage z'organiséieren!

- Grousse Prouf– a Concertssall *(max. 120 Leit)*
- 4 Proufsäll *(max. 30 Leit)*
- Sonorisatiounsanlag
- Mobil Bühn a Beliichtung
- Headsets, kabellos Mikroen

Herberg am Parc :
1zel, 2er, 4er Zëmmer mat privatem Buedzëmmer an Toilette
Kaffi (Moies) mat abegraff

Kantin :
Dagesmenü iwwert Reservatioun méiglech

Owes :
E Patt op der Terrasse oder awer e flotte Grillowend mat der ganzer Equipe an eiser Grillhütt

Centre Ecologique et Touristique Parc Housen I 12, Parc I L-9836 Hosingen
Tél.: 92 95 98 – 700 I Fax: 92 95 92 – 701 I centre.ecologique@sispolo.lu I
www.sispolo.lu

Neue SINGER PUR CD bei OehmsClassics :

Der Geiger von Echternach

Text & Fotos : **Danielle ROSTER**

Der Geiger von Echternach von Lou Koster Weltersteinspielung der Klavierversion.

Das CID Fraen an Gender zusammen mit dem CNA und dem Kulturhaus Mersch präsentieren ihr neues Musikprojekt: Im September erscheint im deutschen Label OehmsClassics (Naxos) die CD Der Geiger von Echternach von Lou Koster. Das Werk war bisher nur in der Orchestration von Pierre Cao bekannt. Auf der neuen CD wird erstmals aus Kosters einzigem Manuskript in der Besetzung für Solisten, Chor, Violine und Klavier musiziert, dieses Manuskript befindet sich heute im Archiv Lou Koster im CID Fraen an Gender. Interpreten sind das international bekannte deutsche A-cappella-Ensemble Singer Pur, zusammen mit dem Pianisten Claude Weber und der Violinistin Sandrine Cantoreggi.

Der Geiger von Echternach handelt vom Ursprung der Echternacher Springprozession, die auf das Mittelalter zurückgeht und heute zum Unesco-Weltkulturerbe gehört. Die Ballade erzählt die Geschichte des langen Veit, der bei seiner Rückkehr aus dem Morgenland zum Tode durch den Strang verurteilt wird, weil er seine Frau umgebracht haben soll. Komponistin und Dichter geht es gleichermaßen um eine detaillierte Schilderung der unterschiedlichen Emotionszustände des musizierenden Veit, die sein Geigenspiel modulieren und die Zuhörenden immer mehr bewegt, bis sie in eine Tanzwut verfallen, aus der sie nur der Heilige Willibrord befreien kann.

Das Release-Konzert der vom CID, CNA und Kulturhaus Mersch produzierten CD wird am 24. Oktober 2021 im Kulturhaus Mersch vorgestellt werden, und zwar in einem ganz besonderen Programm: Die Ballade von Lou Koster wird in einen Dialog gestellt mit Le Joueur de vièle von Catherine Kontz. Le Joueur de Vièle ist eine Auftragskomposition des CID Fraen an Gender und steht in einem engen formalen und musikalischen Bezug zu Kosters Komposition. Beide Stücke werden ineinander verwoben. Catherine Kontz' Stück deutet den Stoff neu und kommentiert ihn aus der Perspektive des 21. Jahrhunderts. Luxembourg Music Publishers wird den Geiger von Echternach gleich in vier Versionen veröffentlichen.

Release-Konzert

24. Oktober 2021

Kulturhaus Mersch

vom CID, CNA und Kulturhaus Mersch produzierte CD

PROGRAMME RESPECTANT LA LOI COVID

DIFFWINDS XIII DU 29 AU 31 OCTOBRE 2021

DIFFWINDS INTERNATIONAL FESTIVAL FOR WINDS / www.diffwinds.lu

ENTRÉE BÉNÉVOLE AU PROFIT DE L'UNICEF

VENDREDI 29

HALL'O OBERKORN

20h00 Concert d'ouverture par

- la FANFARE NIEDERKORN

&

- l'HARMONIE MUNICIPALE DIFFERDANGE

SAMEDI 30

HALL'O OBERKORN

DIFFWINDS GOES JAZZ !!!

20h00

- RÉTROSPECTIVE (L)
- LAURENT PIERRE JAZZ 5TET (L)
- DÉIFFERDENGER BIG BAND (L)

SAMEDI 30

CENTRE OPKORN (AUCHAN)

11h00-12h00

- BONESTATION TROMBONES (B)

14h00-15h00

- YOUTH BAND ZWOLEN (PL)

16h00-17h00

- KÖRÖSPARTI-VASUTAS BAND (H)

SALLE DE MUSIQUE DIFFERDANGE

15h00 Concert du Jumelage

- MUSIKSCHULE PENZBERG (D)
- HARMONIE PRINCE GUILLAUME (L)

ÉGLISE FOUSBANN

18h30

- MUSIKSCHULE PENZBERG (D)

DIMANCHE 31

ÉGLISE OBERKORN

11h00

- QUATUOR TROMBONES (B)

HALL'O OBERKORN

17h00

- MUSIKSCHULE PENZBERG (D)
- BONESTATION (B)
- DIFFWINDS WORKSHOP FANFARE (INTERNATIONAL)

18h30

- KÖRÖSPARTI-VASUTAS BAND (H)
- YOUTH BAND ZWOLEN AND MAJORETTES (PL)
- REMISE DES PRIX

DIFFWINDS, simply TOP QUALITY, DIVERSITY AND ENTERTAINMENT.

SACEM Luxembourg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de la Culture

Union Grand-Duc Adolphe ugda

MIAMI UNIVERSITY LUXEMBOURG

Ville de Differdange

Interview mam Heng Kleren :

Mastering Studio zu Lëtzebuerg

Text & Fotoen : **Christophe FEILEN**

www. hkmastering.com

Ech si vu Beruff Museks- a Beweegungserzéier an hu 35 Joer Musekscourse gehalen, souwuel Éveil musical wéi och an der Primärschoul. Studéiert hunn ech zu Trossingen an duerno um Mozarteum zu Salzburg. Et war e grousst Anliege fir mech fir zu Lëtzebuerg déi musikalesch Früherziehung emol eescht ze huelen a mat der deemoleger Ministesch, der Madamm Erna Hennicot-Schoepges, opzebauen. Dat war net just e Beruff mee fir mech och eng richteg Beruffung. Nieft mengem Job als Pedagog sinn ech säit éiweg Museker a war 20 Joer bei den Challengers, souwéi bei anere Bande vun Jazz bis Rock. Et war net einfach eng Trennung tëschent Beruff an Hobby ze maachen. Ech hat um Mozarteum e Fach wat Mediendidaktik geheescht huet, dh. alles wat Opnamen, Film a Luuchte war, an dat huet mech souwisou schonn ëmmer begeeschtert. Du sinn ech op d'Iddi komm en Tounstudio ze maachen, wat ech dunn 10 Joer gemaach hunn a wou ech eng S.à r.l. hat. Ech hat vill Kannerproduktioune gemaach a well dat och mäi Beruff war wollt ech dat matenee verbannen. Ech hat déi berüümten Zinglabumm-Serie gemaach. Dat ass eng pedagogesch Suite vun CD, DVD a Bicher, zesumme mat der Inecc a vum Ministère de la Culture an ass speziell am Gebitt fir Spillschoulen a Crèchen. Insgesamt waren et 7 Bänner. Dofir war och den Tounstudio do fir déi Saachen opzehuelen. Mat Formatiounen hunn ech mech dunn do eragesteigert.

No enger Rei Jore wollt ech eppes aneres maachen, well een an engem Tounstudio gréisstendeels just Feeler verbessert an editéiert. D'Museker wëssen dass ee säit ronn 10 Joer alles an der Héicht, an der Breet an an der Déift ka verbesseren. Ech kann e falschen Toun vun der Intonatioun hier verbesseren, souvill Kommaen erop oder erof, an ech kann en an der Breet zéie wann d'Wuert ze laang oder ze kuerz ass. Ech kann effektiv alles manipuléiere wat “ok” a mënschlech ass wann een eng Opnam mécht. Heiansdo maachen ech e Fadein oder e Fadeout. Wann e klenge Feeler an der Stëmm ass wou et e bëssen ze héich oder ze déif ass dann hiewen ech et erop. Dat gëtt op der ganzer Welt esou gemaach an dat ass och gutt esou. Ech wollt awer net méi just Feeler verbesseren, bis ech dann zu mengem eigentlechen Job komm sinn, dem Mëschen.

Dunn hunn ech een immense Mënsch kennegeléiert, ee vun deene ganz Groussen am Mastering, de Friedemann Tischmeyer. Dee sot mir ech hätt e gutt Gehéier, d'Ausbildung, Bühnenerfahrung, an eigentlech dat Richtegt wat e Mastering-Engineer géif brauchen. Ech sinn elo haut immens frou dass ech de Schrëtt gemaach hunn fir ëmzesteigen an de Mastering. Vill Leit wëssen net wat Mastering ass resp. dass et et gëtt. De Mastering huet sech immens entwéckelt an de Mastering-Engineer huet haut onheemlech vill ze léieren, ze verstoen a Saachen ze kennen. Ech si vollgestoppt mat Material, souwuel virtuell wéi awer och nach ëmmer analog. Ech hunn déi Ausbildung zu Hamburg op der Mastering-Academy gemaach a sinn elo certified Mastering-Engineer. Zum Schluss wou Corona komm ass hunn ech villes iwwer Zoom-Video konnte gemaach.

Wat ass Mastering? Eng Sängerin kënnt z.B. an de Studio sangen. Ech hunn et opgeholl an hunn och schonn de Mix traitéiert mat Equalizer an d'Feeler verbessert. Elo komme mir bei der Mastering. Do ass nach vill passéiert. Firwat? Well herno beim Streaming, awer och op CD oder op Vinyl, do gëtt ëmmer erëm Qualitéit verluer. Awer se gëtt hautdesdaags onheemlech verluer resp. et gëtt kompriméiert. Ech kréie meeschtens eng Stereospuer aus engem Studio wou opgeholl ginn ass oder z.B. eng Opnam vun engem Concert. Da kann ech bei där Tounspuer agräifen. Do kann ech onheemlech vill domat maachen, nämlech ech kann all Korrektur maache vu Geräischer déi stéierend sinn, wann zB. een houscht, e Stull geréckelt gëtt oder e Bëbee jäizt. Ech kann déi Saachen eraushuelen dh. ech kann eréi e Pixel eraushuelen ouni dass do e Lach entsteet. Et hänkt ëmmer vun der Situatioun of wéi een do virgeet. Um Ecran gesäit een dass verschidde Plazen immens héich an déck sinn, also haart, an anerer dënn, also lues. Déi eng héiert ee ganz gutt an déi aner scho bal net

D'Fanfare Stroossen presentéiert

VIERA BLECH

18h00: Doors
19h00: 7 Moukekengen
20h30: Viera Blech

COVID check.lu

5. November 2021

Centre Culturel Paul Barblé – Strassen (LU)

Tickets: 25€ - Oweskees: 30€
www.luxembourgticket.lu

BIVIVS
pro audio SOUND LIGHT VISION
ING
les thermes
LEXUS EXPERIENCE AMAZING
Ruppert Obereonen Ihren Depositaire 76 00 81-1 | www.ruppert.lu

méi. Well een awer net ëmmer bei deene luese Passage ka méi haart dréie wann een d'Stéck lauschtert muss ech kucke fir een Equiliber ze fannen, mee et muss awer musikalesch bleiwen.

D'Klassiker soen ëmmer se géife keng Technik a kee Mastering benotzen, mee dat ass net wouer. An engem Concertssall beispillsweis, wann do en triple piano gespillt gëtt vun de Geien, da ginn et e puer Fakten: Éischtes sëtzt een do an et gesäit een dass se nach spillen, dat geet schonn duer dass d'Gehier ganz anescht sensibel ass fir dee Minitoun deen nach entsteet awer ze héieren. Zweetens vibréiert de Sall, de Buedem, d'Wänn an déi ginn deen Toun awer weider. Bei enger Opnam déi gemaach gëtt do gëtt nëmmen e Minimum vun deene Saachen op de Mikro iwwerdroen, an dee vibréiert net, deen hëlt déi meescht Saachen déi mir spiere vum Raum guer net méi wouer, an d'Aen feelen. Soudass dann an enger Opnam heiansdo Geien esou lues spillen, well dat esou vum Komponist gewënscht ass, dass wann een dat doheem lauschtert géif soe "spillen se nach oder ass et schonn eriwwer". Ech fannen dat heiansdo ganz schlëmm dass een sech déi Fro muss stellen. Et soll kloer en Ënnerscheed tëschent der Dynamik ënnen an uewe sinn, mee et muss awer e bësse Musek bleiwen. Dofir gëtt och klassesch Musek haut e bëssen erop- oder erofgesat.

Et ass en Ënnerscheed op e Medium Musek opzehuelen oder se live ze lauschteren. Eis Ëmwelt an d'Loft schwéngt mat. Fir et op e Medium ze kréie muss een e bëssen agräife fir dass et nach héierbar ass. Am Mastering kann ech immens an d'Frequenzen agräife vun donkel bis ultraféich. Ech schaffen och heiansdo an engem Beräich vun Téin déi ech net méi héieren, awer wann se net do sinn da schwéngen déi Harmoniken déi net do sinn net méi mat. De Mënsch héiert ongefëier bis 17.000-18.000 Hertz wann en op d'Welt kënnt. Ech sinn elo mat 60 Joer bei 13.000 Hertz. D'Knäppercher ginn awer heiansdo bis 30.000 Hertz wëll einfach Schwéngungen do sinn déi ech net just um Bild gesinn, mee déi maachen deen „Air" nach no uewen op fir dass et wonnerbar schéi klengt. Dat ass eist Gehier wat eis dat virmécht. Dofir konnt de Beethoven daf Musek maachen.

Ech maachen d'Korrekture vun deene stéierende Geräischer déi dra sinn. Da kucken ech de Frequenzgang. Ech kucke mol verdéischt wat vum Frequenzraum stéierend ass well all Raum huet esou Moden déi schwéngen. Déi Mode maachen zousätzlech Téin déi net immens schéi sinn. Déi ginn am Masteringberäich mat engem chirurgeschen Equalizer 1 ½ bis 2 dB erofgezunn. Da kucken ech och ob eventuell z.B. d'Trompetten ob eemol extrem haart sinn, da kann ech se och ee Moment mat engem Multibannkompresser erofsetzen. Ech ka bei enger Sängerin déi en extrem schrillen Toun huet an deen duerch d'Opnam warscheinlech nach méi schrill ginn ass (3.000 Hertz) eng licht Senkung vun der Frequenz maachen. An ech schneiden et an e schéint Format, mat oder ouni Applaus oder e Fadeout mat Applaus. An da kënnt nach eppes wat engem Mastering-Engineer an de leschte Jore bäigefüügt ginn ass. Ech muss mech u vill Reegelen hale vun der Aussteierung, wéi haart a wéi lues ech ka sinn. Duerch déi ganz Aggregatoren an der Musek déi dat ganzt verstreame muss een sech u verschidde Reegelen halen. YouTube huet z.B. eng aner Aussteierung wéi Apple Music, an eng CD huet erëm eng aner Aussteierung wéi YouTube. No de Korrekture kucken ech fir d'Musek an eng gewësse Lautheit ze setzen, fir dass et gutt klengt, d'Qualitéit bleift, awer och an engem Konkurrenzdenke bleift.

